

*Jängi Ney (ënnen an der Mëtt)*

De 24.10.1941 as e vu KÖLN op LAAK (Skofja Loca) a.d. Zaier (bei KRAINBURG) a Südkärnten mat der 5. Komp. (Kö) Pol-Res.-Batl.181 an de Partisanen-Einsatz versat gin.

Den 03.01.1942 gouf e „wegen Befehlsverweigerung" verhaft a koum op KRAINBURG an de Prisong. Vun hei dono an de Prisong vu GRAZ.

Den 23.01.1942 as e vu GRAZ op WIEN an de Prisong WIEN IX, Rossauerlände 7-9, verluet gin.

Den 13.06.1942 koum en duurch d'Prisongen vu LINZ, BRÜNN, MÄHRISCH-SCHÖNBERG, BRESLAU, GÖRLITZ, BERLIN-ALEXANDER an d'KZ SACHSENHAUSEN bei ORANIENBURG (Berlin).

Hei séng deemoleg Adress:

Schutzhäftling Johann NEY, geb. am 13.04.1919<br>
N. 43 080 Block 5 KL<br>
ORANIENBURG<br>
Konzentrationslager bei BERLIN

Oktober-November 1944 koumen 19 Lëtzebuerger Zaldoten vun der Fräiwëllege-Kompanie, ënner hinnen de Jängy, an eng Polizei-Kasär bei DRESDEN. Hei sollt eng „Aufklärungs-Campagne" si vum zoukënftegen „Tausendjährigen Reich" iwwerzegen, mä eis Jongen hu sech hei eng leschte Kéier geweigert d'preisesch SS-Uniform unzedoen. Dorop hin zeréck an